

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

An de leschte Jore koum et zu Lëtzebuerg ëmmer rëm zu Iwwerfäll op Bancomaten, bei deenen d'Täter dës Nuets gesprengt hunn, fir Zougrëff op déi entspreichend Fongen ze kréien. Elleng an de leschten Deeg koum et zu zwou weideren Attacken.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:


- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill där uewe beschriwwen Sprengattacken op Bancomaten an de Joren 2018 bis 2022 jeeweils insgesamt stattfonnt hunn a wéi eng Uertschafte betraff waren?
- 2) Wéi oft hunn dës Attacke Finanzinstituter betraff, déi ënnert dem Statut vu engem Etablissement Public constituéiert sinn? Wéi oft huet et sech em Privat Etablissementer gehandelt?
- 3) D'Lëtzebuenger Wort schwätzt an engem Artikel vum 19. Mäerz dovun, datt et sech bei den Täter ëm "*gut organisierte Bander*" handelt. Wéi eng Erkenntnesser leien der Regierung vir, ob dës Banden aus dem Ausland operéieren? Léisst sech dat nämmlecht Muster vun Attacken och am Ausland beobachten, oder handelt et sech ëm en nationale Phenomen? Wéi wäit schafft d'Police hei mat auslännesche Partnerinstitutiounen zesummen?
- 4) Wéi déi laang Serie vu Widderhuelunge weist, ass de finanziellen Ureiz fir sou Attacke fir d'Täter nach ëmmer ganz héich. Wéi eng Zomm gouf bäi dësen Attacken duerchschnëttlech geklaut? Wéi eng Moosname gi geholl, fir datt déi Fongen sech automatesch zerstéieren? Wéi eng zousätzlech Sécherheetsmoosname kënnen d'Banken huelen, fir sou Iwwerfäll finanziell méi onattraktiv ze maachen? Kënnen si dës Zousazkäschte steierlech ofsetzen, dëst besonnesch, well de Staat d'Sécherheet an deem Beräich net méi garantéiere kann?
- 5) Wéi hunn sech d'Primme vun den Assurance fir Bancomaten an de Joren 2018 bis 2022 opgrond vun deenen Attacken entwéckelt? Wéi een Impakt haten dës potenziell Zousazkäschten op d'Rentabilitéit vu Bancomaten, déi vu Banken an der ëffentlecher Hand bedriwwen ginn?
- 6) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill vun dësen Bancomaten duerno nees installéiert goufen an a wéi vill Fäll de Betrib agestellt gouf? Kann d'Regierung präziséieren, ob et sech jeeweils ëm en ëffentlech oder privat Etablissement gehandelt huet?

7) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit déi onkomplizéiert Versuergung mat Boergeld, besonnesch a ländleche Wunnagéigenden ënnert dësen Ëmstänn nach garantéiert ass?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Fred Keup  
Deputéierten